**Newsletter fir d'Kanner vum 28. Abrëll 2020**

## Schon nees: D'Naturschoul op Youtube!

Gitt op Youtube eisen zweete Film kucken : De Marc am Fréijorsbësch



Hei de Link:

https://www.youtube.com/watch?v=p8rXUL0YxBM&feature=share

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

*Schéckt eis och dës Kéier eng Foto oder ee Scan vun den Äntwerten op nature.lasauvage@ecole.lu a mat e bësse Chance gitt der ausgeloust a gewannt 1 Glas Hunneg, ee Buch iwwert d'Natur an ee wonnerschéine Pouster.*

1. *Firwat kréien d'Frühblüher vill Energie?*
    - *well d'Sonn fréi am Fréijoer net sou laang um Himmel ass wéi am Summer*
    - *well et fréi am Fréijoer heiandsdo méi reent wéi am Wanter*
    - *well fréi am Fréijoer nach net vill Blieder vun de Beem Schiet op d'Bléi man*

2. *Wéi heescht den Aronstab op Lëtzebuergesch?*
    - *Ieselsfouss*
    - *Ieselsouer*
    - *Ieselsblumm*

3. *A wéi engem Deel vum Veilchen ass am leschte Summer scho vill Energie gespäichert ginn?*
    - *am Rizohm*
    - *am Risom*
    - *am Rhizom*

4. *Firwat heescht de "Waldmeister" op Lëtzebuergesch "Meekraitchen"?*
    - *well e gär vu Geesse gefriess gëtt, di da "mää määa" jäitze vu Freed*
    - *well en am Mee blitt*
    - *well ëmmer vill Mécken drop sëtzen*

5. *Géint wéi eng Krankheet ass di kleng Fräscheblumm fréier geholl ginn?*
    - *géint Krankheete, well een net genuch Vitaminnen hat*
    - *géint Krankheete vun de Longen*
    - *géint Krankheeten duerch ze vill Sonn*

6. *Wat bedeit et, wann ee klengt Kräiz bei enger Planz am Bestëmmungsbuch steet?*
    - *si wiisst um Kierfecht*
    - *si wiisst op Kräizungen*
    - *si ass gëfteg*

**däin Numm, ton nom, dein Name :**
**deng Adress, ton adresse, deine Adresse:**

**dein(e)** 